

Lëtzebuerg, de 29 August 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, weiderzeleeden:

*« Duerch d'Press grad wéi op de gängege soziale Medien gëtt d'Bevëlkerung ëmmer mol erëm op vermësste Persounen opmierksam gemaach, a gefrot Mathëllefze leeschten a méiglech Informatiounen zum Verschwanne vun enger Persoun weiderzereechen. Eleng tèschent dem 22ten an dem 26ten August, sinn 3 Messagen erausgaange fir jonk Meedercher am Alter tèschent 13 a 14 Joer erëmzefannen.*

*Während d'Fotoe vun de Meedercher op Lëtzebuenger Noriichteportaler an op de soziale Netzwierker kurséiert sinn, ware se um Site vun der Police an der Kategorie zu den Ëffentlechkeetsfahndungen an de vermësste Persounen zwar och affichéiert, allerdéngs nëmmen wann een de Site a franséicher Sprooch opgeruff huet.*

*Fir Fäll an deenen d'Police bei engem Mannerjärege vun enger sougenannter ‚disparition inquiétante‘ ausheet, gëtt en AMBER Alert ausgeléist. Laut engem Bäitrag um Internet Site vun enger nationaler Radio- an Televisiounschaïne géif d'Administration judiciaire all Verschwanne vun engem Mannerjärege als beonrouegend consideréieren. Säit des Initiativ 2016 gegrënnt ginn ass, wier allerdéngs eréischt een eenzegen Amber Alert ausgeléist ginn. Deemno waren och rezent Meldungen op dësem Site net affichéiert.*

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Vermësstemeldunge goufen et zu Lëtzebuerg iwver déi lescht 10 Joer?*
- *Wéi vill dovunner ware Mineuren?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *A wéi vill Prozent vun de Fäll konnten d'Persounen erëmfonnt ginn, an a wat fir engem Zäitraum?*
- *Wat sinn déi heefegste Grënn fir Disparitiounen?*
- *Ginn den Internet Site vun der Police an de Site vum AMBER Alert am Fall vu Vermësstemeldungen reegelméisseg a komplett à jour gesat?*
- *Falls nee, wisou net?*
- *Um Site vun AMBER Alert kann een sech umelle fir dës Alerten iwwer sozial Netzwierker ze kréien. Fannen d'Madamm an den Här Minister et effikass, dass de Public sech proaktiv fir dës Message muss umellen ?*
- *Wéi vill Leit si bis dato fir dës Meldungen enregistréiert?*
- *Wéi stinn d'Madamm an der Här Minister dozou an all Fall vun enger Vermësstemeldung Ecranen am ëffentlechen Transport anzesetze fir d'Sich no de vermësste Leit méi wäit auszebreenen?*
- *Ab wéini gëtt am Fall vun engem vermësste Mineur d'Kooperatioun mat Europol an Interpol lancéiert?»*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY  
Deputéierten

Carole HARTMANN  
Deputéiert